



CHRËSCHTLECH-SOZIAL
VOLLEKSPARTEI

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2020

Pressematdeelung vun der CSV

Mënschlechkeet elo!

Zënter Mëtt Mäerz ass d'Populatioun zu Lëtzebuerg confinéiert. Dat war am Ufank néideg an dréngend: Mir hunn e Virus kenne geléiert, dee nei fir eis all war, an deem seng Presenz eist Liewen op d'Kopp gehäit huet. Vun Ufank un ware mer zesummen der Meenung, datt besonnesch krank an eeler Leit misste komplett vun dësem Virus ofgeschiermt ginn. Duerfir goufen et keng Besich méi an Altersheemer a Spideeler. De Virus hätt do kënnen eng human Katastroph uriichten.

Iwwer sechs Woche sinn elo vergaangen, bannent deenen al a krank Leit komplett eleng woren. Kee Besuch, keng Hand, déi ee konnt drécken, keng Ëmaarmung vun engem léiwe Mënsch. Leit sinn eleng gestuerwen a goufen eleng begruwwen.

Mir kënnen eis als Gesellschaft net e Liewe laang virum Virus verstoppen. Al a krank Leit wëlle net méi laang total eleng sinn, hir Enkele net gesinn, kee Mënsch hunn, mat deem se kënnen poteren. D'CSV wëllt net, datt si weider eleng bleiwen. Kee soll méi mussen eleng stierwen. Et gëtt Zäit, fir d'Mënschlechkeet an eis Gesellschaft zrëck ze bréngen, ier de Virus eis all erkalen deet.

D'CSV huet schon däitlech gesot a gefuerdert, datt Besich am Altersheem an am Spidol nees musse méiglech ginn. Net an engem Mount oder nom Summer, mee elo. Mir diskutéiere gären iwwer Konditiounen a Reegelen, iwwer Disziplin a Virsiicht. Mee mir verlaangen, datt mer elo als Gesellschaft eisen Eeleren, eise Schwaachen, eise Kranke nees d'Méiglechkeet ginn, en anere Mënsch bei sech ze hunn. E bësse soziale Kontakt ze kréien, eng Hand, déi ee kann halen, e puer frëndlech Aen, an déi e ka kucken. En tréischtend Wuert a Momenter vu Peng an Trauregkeet, oder an de läschten Liewenszich.

Natierlech ass de Virus net verschwonnen. Mee wëlle mer, datt virum him d'Mënschlechkeet verschwënnt? Neen.

Matgedeelt vum CSV-Generalsekretariat